


Pressecommuniqué 10.7.2015

**De Wielerwëllen muss respektéiert ginn! Och fir dat neit Nationalitéite-Gesetz!**

Op enger Pressekonferenz den 10. Juli huet den Alex Bodry annoncéiert, dass d'Koalitioun nach virun der Summer-Paus e Gesetzprojet iwwer en neit Nationalitéite-Gesetz an d'Chamber brénge wëll.

D'Lëtzebuerger hu sech matt 80% géint d'Auslännerwahlrecht a fir de Wee iwwert d'Nationalitéit entscheet. De Referendum huet awer och gewisen dass d'Lëtzebuerger en groussen Wäert op hir Sprooch leeën.

**D'Lëtzebuerger Sprooch ass déi gemeinsam Sprooch vun alle Lëtzebuerger an duerfir essentiell fir eng voll Integratioun.**

Mir wieren eis géint d'Versich, déi schonn niddreg Sproochkenntnisser an engem neien Gesetz ze reduzéieren.

De Wielerwëllen muss respektéiert ginn.

D'Initiativ *nee2015 – Wee2050*